adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Post ass dru gehale fir Bréiwer bannent dräi Deeg zouzestellen. De Moment ass et awer esou datt et hei am Land deels massiv Problemer bei der Zoustellung vun der Bréifpost gëtt an et zu ville Retarde kënnt.

Leit aus dem Stater Quartier Hamm hunn sech souguer beschwéiert datt bei hinne schonn deeglaang kee Bréifdréier méi passéiert ass an si deemno iwwerhaapt keng Post an d'Boite kruten.

Op Nofro hin, beim Service vun de Reklamatioune, war et effektiv d'Confirmatioun datt aktuell Problemer bei der Distributioun vum Courrier bestinn. Dat géif dorunner leien datt vill Bréifdréier am Congé sinn a vu Studenten ersat ginn déi manner routinéiert wieren, esou huet de Mann um Telefon dat erkläert.

Wann een da via Telefon e spezifescht Renseignement iwwer „Post Finance" freet, leeft do e Band wou d'Post sech entschëllegt datt et zu Verspéidunge beim Heemschécke vun de Konto-Extraite kënnt.

D'Bréifpost ass a bleift e wichtegen Zerwiss, a vill Leit si grad bei offizielle Schreiwen, un déi dacks Delaie geknäppt sinn, drop ugewisen.

Dowéinst wéilt ech dës Froen un den Här Wirtschaftsminister riichten:

1. Wéi ass et méiglech datt esou e wichtegen Zerwiss wéi d'Zoustellung vun der Bréifpost net zefriddestellend fonctionéiert ?

2. Wat sinn déi genee Ëmstänn firwat d'Post déi normal Bréifverdeelung net méi geréiert kritt ? Och fréier wore jo mol Bréifdréier am Congé...

3. Wat gedenkt d'Regierung z'ënnerhuelen fier déi aktuell inakzeptabel Méssstänn bei der Bréifverdeelung z'eliminéiren an eng verlässlech Zoustellung vun der Bréifpost, déi primordial wichteg ass fir datt e Land gutt fonctionnéiere kann, sécher ze stellen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742